

Nationalwahlen zu Lëtzebuerg



Wat sinn Nationalwahlen?



Bei de Nationalwahlen gi 60 Deputéiert gewielt. Et schwätzt een och vu Parlaments- oder Chamberwahlen, well Deputéiert sech am Parlament (der Chamber) treffen.

Wéini?



14. Oktober 2018 vun 8.00-14.00 Auer. All 5 Joer gëtt ee neit Parlament gewielt.

Wou?



Am Wahlbüro: D'Adress vum Wahlbüro steet an der Convocatioun.

Wie ka wielen?

(aktivt Wahlrecht)



Fir wielen ze kënnen, muss een

- déi lëtzebuergesch Nationalitéit hunn,
- mindestens 18 Joer al sinn,
- seng Biergerrechter hunn (d.h. de Riichter huet engem d'Wahlrecht net ofgesprach).

Bierger/-innen mat lëtzebuergescher Nationalitéit tëscht 18 an 75 Joer hunn eng Wahlflicht. Si musse wile goen, Bierger/-innen iwwer 75 Joer kënnen natierlech weider wile goen.

Wie ka gewielt ginn?


(passivt Wahlrecht)



Fir Kandidat/-in ze sinn, muss een

- déi lëtzebuergesch Nationalitéit hunn,
- mindestens 18 Joer al sinn,
- seng Biergerrechter hunn (d.h. de Riichter huet engem d'Wahlrecht net ofgesprach),
- fest zu Lëtzebuerg ugemellt sinn.

Wéi gëtt gewielt?



Lëtzebuerg ass a 4 Wahlbezierker agedeelt (Norden, Osten, Zentrum, Süden). D'Wieler/-inne wile fir Kandidaten/-innen, déi an hirem Wahlbezirk op der Lëscht stinn.

Et ginn 3 Méiglechkeeten fir ze wile:

1. eng Partei (Lëscht) wile: ee Kräiz an de Krees iwwer der Lëscht maachen,
2. cumuléieren: Kräizer op verschidde Kandidaten/-innen op der selwechter Lëscht verdeelen,
3. panaschéieren: Kräizer op verschidde Kandidaten/-inne vun ënnerschiddleche Lëschten verdeelen.

Bréifwahl



Et ass och méiglech per Bréifwahl ze wile. D'Bréifwahl muss een op der Gemeng oder op www.guichet.lu ufroen:

- Wieler/-innen, déi zu Lëtzebuerg wunnen: spéitstens 25 Deeg virun de Wahlen,
- Wieler/-innen, déi am Ausland wunnen: spéitstens 40 Deeg virun de Wahlen.

Oppassen



De Stëmmziedel ass ongëlteg, wa

- méi Stëmmen drop sinn, wéi Deputéiert gewielt kënnen ginn,
- keng Stëmm drop ass,
- en Ziedel rëmerkbar ass (z.B. Zeechen, Stréch, Ënnerschrëft).

Ongëlteg Wahlziedele gi beim Auszileen net berécksiichtegt!